le Soleil
dans la Main • ONG

48, Duerfstrooss • L-9696 Winseler • Tél.: +352 621 561 261 • contact@asdm.lu

BURKINA FASO - LUXEMBOURG

www.soleil.lu

Léif Donateuren, Parrainen a Frënn,

Mat grousser Freed an Dankbarkeet schécke mir lech eis nei Broschür déi ee klenge Réckbléck gëtt iwwert alles wat d'lescht Joer geschafft gouf. Zënter iwwert 20 Joer ënnerstëtzt Dir eis op eiser Rees, déi mat jugendlechem Elan ugefaangen huet. Haut si mir zwar ee Stéck méi al, awer nach ëmmer mat der selwechter Passioun a Motivatioun ënnerwee, fir de Mënschen am Burkina Faso ze hëllefen.

Eis Haaptmissioun ass et, de Kanner eng besser Zukunft ze erméiglechen an domat och hir Familljen ze ënnerstëtzen. D'Situatioun am Sahel ass momentan zwar ugespaant, mee dat motivéiert eis nëmmen nach méi, eist Engagement ze verstäerken. Mir bleiwe weiderhi solidaresch mat de Leit, déi ënnert der verschlechterter geopolitescher Lag am Burkina Faso alldeeglech leiden. Dank eiser professioneller Ekipp vu méi wéi 40 Mataarbechter am Burkina Faso kënne mir eis Projeten trotz allem weiderhin effikass ëmsetzen. Mir hunn eis spezialiséiert an un d'Situatioun ugepasst, well mir iwwerzeegt sinn, datt grad a Krisenzäiten d'Kanner an d'Frae besonnesch op Hëllef ugewise sinn.

Är Ënnerstëtzung huet eis erlaabt, am leschte Joer vill ze erreechen. Am Februar 2022 hate mir jo eisen éischten Accord-cadre mam Lëtzebuerger Ausseministère ënnerschriwwen, deen eis Aarbecht fir 5 Joer festgeluecht huet. De Fokus läit weiderhin op Bildung a Kannerschutz. Dëst Joer konnten zousätzlech zwou bioklimatesch Schoule fäerdeg gestallt ginn, wou elo iwwer 900 Schüler ënner optimale Bedingunge léiere kënnen. Fir dëse Projet krute mir dëst Joer de Präis vum beschte Projet am Beräich Educatioun am Burkina Faso iwwerreecht. Mir hunn och 824 Kanner bis dato mat Schoulmaterial, Bourssen, Véloen oder Liewensmëttel ënnerstëtzt. Am Centre Noomdo goufen zanter der Grënnung schonn iwwert 200 Kanner betreit, an zousätzlech begleede mir méi ewéi 150 Kanner an hire Familljen.

Méi Detailer zu eise Projete fannt Dir an eiser Broschür, op Facebook, Instagram an op www.soleil.lu.

Mir zielen och weiderhin op Är wäertvoll Ënnerstëtzung a vertrauen drop dass dir iwwerzeegt sidd, dass mir ganz gewëssenhaft mat ären Donen ëmginn. Et ass schlëmm fir eis ze gesinn dass vill Leit wéinst dem Skandal bei der Caritas den ONG'en, an esou och der Solidaritéit ouni Grenzen, de Réck dréinen. Dat ass kee gutt Omen a sécherlech och net dat richtegt Zeechen an der aktueller Zäit fir ee ganze Secteur esou ze bestrofen.

Verschidde Méiglechkeeten, wéi Dir eis weiderhin hëllefe kënnt, fannt Dir um Enn vun dësem Bréif. Elo well ee grousse Merci fir Är Solidaritéit a Generositéit!

Mat häerzleche Gréiss,

D'Membere vum Soleil dans la Main

Faites un don grâce à votre application mobile

payconiq

#1 **Scannez** ce QR Code

#2 **Indiquez** le montant de votre don

#3 **Validez** avec votre empreinte digitale ou votre code PIN

## VIREMENT

Veuillez consulter les indications figurant au-dessus

Un caractère MAJUSCULE (BLEU ou NOIR) ou signe par case en cas d'écriture manuscrite

Code BIC de la banque du bénéficiaire: CCPLLULL

EUR ou

Montant

N° de compte du bénéficiaire: LU43 1112 0512 2640 000

Nom de la banque du bénéficiaire (uniquement si code BIC non indiqué)

Code Pays

Nom et adresse du bénéficiaire: LE SOLEIL DANS LA MAIN ASBL

Code Pays de résidence

Communication au bénéficiaire: DON UM TERRAIN

N° de compte du donneur d'ordre

Avis de débit

Nom et adresse du donneur d'ordre (Max. 4 lignes)

Date d'exécution souhaitée

Frais à charge (par défaut = PARTAGÉS)

PARTAGÉS OU Bénéficiaire OU Donneur d'ordre

Date et Signature

# ËNNERSTËTZE KËNNT DIR EIS PROJETE MAT ENGEM EINFACHEN DON VIA PAYCONIQ ODER VIREMENT.

Niewent engem Don, kënnt Dir eis awer och gären op folgend Manéieren ënnerstëtzen:



**Cadeau « COCORICO » 10 €**

Bien se nourrir pour être bien en forme !
*Deux poules pour une alimentation équilibrée.*



**Cadeau « BIEN MANGER » 15 €**

Avoir un repas équilibré et régulier pour mieux étudier !
*Un mois de repas à la cantine scolaire à l'école primaire. Bien manger pour bien étudier !*



**Cadeau « ARBRE FRUITIER » 20 €**

Planter un arbre pour apporter des fruits, de la fraîcheur et lutter contre l'érosion des sols !
*Achat & plantation, protection et fumure.*



**Cadeau « BONNE SANTÉ » 25 €**

Avoir une bonne santé pour être en pleine forme !
*Le suivi médical annuel et le vaccin hépatite B.*



**Cadeau « BIEN ÉTUDIER » 35 €**

Bien s'équiper pour mieux étudier !
*Les fournitures scolaires pour un enfant du collège.*



**CADEAU « BIEN À L'ÉCOLE » 65 €**

Être bien installé pour mieux étudier !
*L'achat d'un table-banc pour un enfant du primaire.*

## GITT PARRAIN/MARRAINE VUN EISEM KANNERHEEM:

**De Montant kënnt Dir selwer definéieren.**



**Cadeau « TRANSPORT » 120 €**

Gagner du temps pour mieux étudier !
*Un vélo pour aller à l'école.*
*(Vélo de meilleure qualité)*

## FIR D'FEIERDEEG, HEI NACH E PUER IDDIEN:




**Kalenner 2025 20 €**




Crémant : 14€/Fläsch

Pinot gris : 14€/Fläsch

Rosé : 12€/Fläsch

An Zesummenaarbecht mam Domaine Schram

**Dir kënnt eis gären uruffen (621 561 261) oder per Email kontaktéieren (contact@asdm.lu), fir weider Informatiounen ze kréien oder fir eng Bestellung eranzeginn.**

Wann Dir an Zukunft net méi eis järlech Broschür wëllt geschéckt kréien, da maacht eis wgl. eng E-mail op contact@asdm.lu oder rufft un um 621 561 261.